



Lëtzebuerguer Guiden a Scouten

Grupp HL FRANZ VUN ASSISI  
LËTZEBOURG-CENTS

Branche Avex



cents.lgs.lu  
avexchefs@cents.lgs.lu

# Spirituellen

# Dossier

# Centser Avex





# Inhaltsverzeechnis

E puer Andréck zu enger Spiri-Veillée oder spirituelle Momenter  
vun Avex..... 3

E puer Andréck zu enger Spiri-Veillée oder spirituelle Momenter  
vun Chefs ..... 5

Elementer, déi een an eng Spiri-Veillée kann intégréieren..... 9

2 Beispiller vun enger spiritueller Veillée ..... 11

    1. Beispill Summercamp 2009..... 11

    2. Beispill Summercamp 2015..... 13

E puer Texter a Lidder..... 18





## E puer Andréck zu enger Spiri-Veillée oder spirituelle Momenter vun Avex

Ech fannen et wichteg, dass een an den Scouten och e puer spirituell Aktivitéiten oder Veilléen mecht, well dat gehéiert einfach zum Scoutissem dozou. Ech fannen dat och net schlemm, wann dann um Camp zum Beispill bei enger Spiri-veillée e bessen mei eng roueg Stimmung ass, well dat och menger Meenung no gudd ass, wann een mol eng Keier eroofkennt, well et um Camp jo emmer zimmlech chaotesch ass. Ech hunn an den Avex dei Aktivitéiten, wou een sech zum Beispill Gedanken iwwert en bestëmmt Thema gemaach huet, emmer gäer gemaach. Menger Meenung no soll dat doweinst och weider erhaalen bleiwen; et ass en wichtegen Bestanddeel vun den Scouten.

Laura Ruiz

Lescht Joer war d'Spiriveillée gudd, well et owes op der Plage war an et war eng gemitterlech Stimmung. An ech hunn et och gudd fonnt, dass mer do e bessen gewisen kruuten wei dei aaner Religiounen fonktionneieren.

Pierre Schuler

A mengem 2. Joer hate mer eng Spiriveillée, wou mer ronderëm en Lagerfeier souzen an Lidder gesong hunn. Mir hunn och Vertrauensspiller gepsillt. Bei deem éischten hu mer missten eng aner Person opfänken, déi an der Mëtt vun engem Krees stoung. Bei deem zweeten stoungen mer an 2 Reien vis-à-vis vuneneen an hu missten d'Äerm ausstrecken. Dann muss een dorob zoulafen an déi aner mussen d'Äerm mat Zäit ewech zéien, wann den bei hinnen ukomm ass. Dono hu mer e schéint Lidd gesong fir rëm roueg ze ginn. Et war an der Nuecht anjiddereen war roueg. Et war e wonnerbare Moment. Ech hunn d'Spiriveillée ganz gäer, well een iwwer Saachen kann nodenken, iwwer déi een soss net déi ganzen Zäit nodenkt. Ech war ganz roueg a relaxed, et war einfach dee beschten Wee fir erfzekommen an Zäit mat Frënn ze verbréngen.

A mengem 3. Joer wore mer an Holland an sinn op d'Plage gaang, wou mer zu 2 an 2 iwwer d'Plage bis bei d'Mier gaang sinn. Et war zimmlech vill Loft, mee dat war an deem Moment net schlëmm. Déi Leit, déi hu misste waarden kruuten en Ziedel, wou Kreesser drop agezeechent waren an Wieder drop stoungen an wou een huet missten doriwwer nodenken, wat engem am Wichtigsten ass a wat net sou. Dono si mer iwwer d'Plage vu Posten zu Posten bei jeweils engem anere Chef gaang. Et war wierklech eng gutt Idee,





et konnt een iwwer déi Saachen nodenken, déi engem wichteg sinn an iwwer anerer.

Savannah Bradbury

Lescht Joer war Spiriveillé um Summercamp an Holland. Se huet owes ob der Plage statt fonnt mat engem starken Wand waat dei ganz Saach iegendwei mei stëmmungsvoll gemach huet sou wei ech fonnt hunn. Uewen ob der Plage versammelt, goufen mer an 2er Gruppen mat Bic an Blat noeneen e bestemmten Wee rof bei d'Mier gescheckt. Um Wee fir dhoin waren e puer Posten wei e Vertrauensspill wou 1 den aneren misst leeden (deen de geleet gouf krut d'Aan verbonnen). Bei engem aneren Posten mist een eppes mat engem Bengel an de Sand molen wat fir een selwer Relioun heecht an e Posten wou een d'Symbol vun enger Relioun gewisen krut an dann mist een eroden weieng et as.

Ukomm beim Mier hunn de Pierre an ech eis probeiert sou hannert eise Kuef ze leen dass mer keen Sand an d'Aan krien. No an no koumen emmer mei Avex ennen un an schlussendlech och d'Chefs, bis dohinner war et schon stackdeischer. Mir lungen alleguerten an enger Rei widereneen fir eis opzewiermen, e puer hunn awer probeiert an engem Lach mat e besen Holz an engem Brique Feier ze machen wat d'Stimmung remm em e groust Steck gehuween huet. Zum Ofschloss hunn nach all dei dei nach keen Versprieche gemach hun hiert Versprieche ronderemm dem Feier gemach.

Luca Braun

Ech hunn Spiriveillé wierklech ganz gudd fonnt well et war Mol appes anneschtens wei mer soss emmer maachen. Ech hunn Ideen och ganz gudd fonnt wei z.b e Bréif schreiwen an dann no 5 Joer rem deen Bréif ze liesen. An et war och deck relax, ech geif dat nach eng Keier maachen!

Malika Schintgen



## E puer Andréck zu enger Spiri-Veillée oder spirituelle Momenter vun Chefs

Eng Spiri-Veillée ass fir mech ëmmer e ganz besonnesche Moment op engem Camp, op deem ech kengesfalls verzichte wéilt. Ëmmerhin bidd des Veillée d'Méiglechkeet, zesumme mat den Avex iwwer déi wichteg Saachen am Liewen nozedenken, wei z.B. Frëndschaft, Vertrauen, oder wéi op eisem leschte Camp iwwer d'Thema Reliounen. Der Gestaltung vun sou Véilléen si keng Grenze gesetzt, mee et ass direkt eng ganz aner Stëmmung ewéi op enger Spiller-Veillée oder enger Lidder-Veillée.

An dat flottsten ass, dass d'Avex sech ëmmer voll a ganz op déi Veillée aloossen! Si si motivéiert bei der Saach an et ass einfach schéin ze gesinn, wéi erwuessen a gewëssenhaft si sech bei méi serieuxen Themen behuelen. D'Atmosphär ass deemno ëmmer wonnerschéin a ganz speziell, well een zemoos vun den Avex eng nei Säit kenneléiert. Dofir ginn ech es och ni midd, sou Véilléen ze organiséieren, an ech freeë mech schonn op déi an den nächste Joer!

Laura Berg

Ech hunn schonn e puer Spiri-Veilléen fir Avex organiséiert a maachen et ëmmer erëm gär. Wéi ech selwer an den Avex war, hat ech déi roueg Momenter op engem Camp och immens gär, well och wann engem d'Thema wat de Chef erausgesicht huet net esou gefält, ass et awer en Moment wou ee kann nodenken iwwer alles wat engem esou afält. Et mëscht een dat net alleng, mee meeschtens setzt een zesumme mat anere beim Lagerfeier an et kann een sech matdeele wann ee well, et muss een awer net.

Als Chef wollt ech genau dee Moment vun der Rou a vum Nodenken, wat een am Alldag vill ze wéineg huet, den Avex och ginn. Ech géing wahrscheinlech ni e Camp maachen ouni eng Spiri-Veillée, well ech et immens wichteg fannen. Et gi vill Avex, déi dee Moment notze fir eppes ze soen, wat hinnen um Häerz leit, mee et soll een och deenen aneren eng Chance ginn sech ze äusseren ouni eppes ze soen an deem een si zum Beispill eppes opschreiwe léisst an dann duerno kennen si et mathuelen oder verbrennen am Feier. Et ass ganz wichteg, dass een en Thema eraussicht wat d'Avex och beschäftigt, wéi Frëndschaft, Famill oder och ganz banal Saache wéi anere Leit och mol Merci soen. Et geet eigentlech just dorëms, dass si och mol zur Rou kommen an iwwer verschidde Saache kennen nodenken. Ech fannen déi Momenter um Camp ëmmer mega flott, et herrscht eng besonnesch Stëmmung an och wann ee mengt d'Avex géinge Stëmmung futti maachen, well si wei ëmmer fuerchtbar opgedréint sinn, dat wäert net geschéien, well och déi Avex, déi meeschtens Blödsinn maachen, genéissen déi Momenter immens. Och als





Chef genéisst een dee Moment, wann ee gesäit, dass d'Avex sech kenne mat engem Thema esou beschäftegen an do gesäit een och wat si deelweis bedréckt an et kann och mol zu e puer Tréine kommen, mee ech fannen do léiert een seng Avex eréischt richtig kennen. Et ass einfach flott esou en Moment mat Avex a Chefs zesummen ze hunn, et mëscht d'Atmosphäre op engem Camp immens angenehm an och d'Avex schweessen doduerch méi zesummen. Ech kann et also nëmmen empfeelen eng Spiri-Veillée op engem Camp ze maachen!

Alisha Jegen

Während enger Spiri-Véillée huet een och mol Méiglechkeet fir mat de Scouten méi roueg Aktivitéiten ze maachen, wou een sech selwer besser kenne léiren kann. Am Allgemengen hunn mir eis spirituell Aktivitéiten owes gemaach, well een dann schonn den Dag iwwer eppes mat deenen aneren erliert huet an et eng aner Stëmmung ass wann een Aktivitéit mécht wann et dobaussen schon méi däischer ass. D'Plaz wou een seng Spiri-Véillée ofhält, dréit natierlech och zur Stëmmung bäi; se bei Reen a Stuerm am Chalet oder am Zelt ofzehalen kann flott sinn, mee insgesamt erënnert een sech och Joren méi spéit besser un spirituell Aktivitéiten enner fräien Himmel, well een dobaussen einfach méi mat der Natur verbonden ass. Dest kann op der Campplaz ronderem e Lagerfeier sinn, op engem Fielsvirsprong am Besch, an den Dünen op der Plage oder wéieng speziell Plaz engem och afällt.

Spiri-Aktivitéiten erlaben engem sech mat Themen ze befaassen, wou sech een eventuell net all Dag mat beschäftegt an wou een sech einfach mol Zäit huelen kann fir sech doriwer Gedanken ze maachen. Heibäi kann een sech selwer, mee awer och aner Leit besser kennen léiren, well een gesi kann wéieng Astellung anerer vis-à-vis vun enger gewässer Saach anhuelen an op een déi deelt oder eng aner Meenung dozou huet. Och kann een eng Geschicht (z.B d'Geschicht vun der klenger Schrauw) virlesen an sech dono doriwer austauschen. Niewt méi oppene Gespréicher kann een awer och Vertrauenspiller maachen, duerch déi den Zesammenhalt an der Ekipp gestärkt soll ginn. Jiddereen kennt bestëmmt d'Spill wou een sech mat zouenen Aan soll falen hannertzech loossen an déi aner een opfänke sollen. Eng Spiri-Véillée get engem awer och d'Méiglechkeet fir mat perséinleche Erfarungen, déi een gemaach huet, ofzeschléissen. Beispillsweis kann een déi Erfarungen nëmmen fir sech nidderschreiwen an dono d'Blat Pabeier am Feier ze verbrennen ouni se mat aneren Leit ze deelen. Méi wichteg Abschnëtter an der Scoutscarrière wéi z.B de Start an enger neier Branche oder d'Vespriechen/Engagement loossen sech och gudd mat enger spiritueller Aktivitéit verbannen oder fir se domat ofzeschléissen. Wann een bis an enger méi nodenklecher an roueger Stëmmung ass, kann een besser Andréck aus sengem Emfeld wouer hunn an deenen aneren de néidegen





Respekt entgéintbréngen fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn e Moment ze verbréngen, un deen se laang zréckdenke wäerten kennen.

Andreas Vuori

Dës puer Zeilen beschäftege sech mam Gedanken iwwer reliéis, spirituell Aktivitéiten déi ech als Chef mat mengen Avex maachen kann, dëst am Kader vun enger Veillée sief dat op engem Weekend oder um Camp. Déi konkret Fro déi ee sech stelle muss ass „wat sinn d'Vir- an Nodeeler vun dem éischer classeschen déif verwuerzelten reliéisen als Aktivitéit oder vun enger net esou aalmoudescher Approche an Form vun enger éischer spiritueller Aktivitéit?“.

Fir elo nët ze wäit auszehuelen an dësen Artikel relativ kuerz ze haalen, argumentéieren ech Folgendes am Sënn vun de spirituellen Momenter/Aktivitéiten:

Wann eisen Ursprong am Scoutismus vun je hir och nach esou déif reliéis verwuerzelt ass, ass dat net méi zäitgeméiss ënner där Form a scho guer net méi fir Aktivitéiten adaptéiert fir e modernen evolutiven Scoutismus. Der Jugend vun haut muss een Themen ubidde mat deene si sech, an Erfahrungen déi si erlerwt hunn identifizéieren kënnen, natierlech andeems een ëmmer erëm op déi Werter zréckgräift déi een och an der Relioun erëmfënnt. Dofir eegene sech an mengen Aan am beschten wat mir „spirituell Aktivitéiten“ nennen.

Aus Erfahrung weess ech dass esou spirituell Momenter méi Flexibilitéit an der Wiel vum Thema, an der Form, an an der Ausféierung erlaben. Dëst nët esou rigide Gerüst léisst Plaz fir d'Kreativitéit am Ausdrock, Bäitrag vun den Avex am Kader vun dem méi besonnege, stëllen a besënneleche Moment. Esou kann een duerch kuerz Geschichten, Auszich aus Texter, interessant Diskussiounsronden lancéieren déi hir Friichten bei den Avex droen. Awer och kleng besënnelech Ateliere maachen, en meditative Wee duerch den Bësch fir seng Sënner z'erfuerschen, iwwer verschidde Saachen nozedenken, an sech ze goen...etc. kënnen och ganz gudd Alternativen duerstellen.

Un dëse Beispiller gesi mir dass ee sech net onbedéngt u biblechen Texter orientéieren muss fir en besënnelechen, nodenklechen Kader ze schafen.

Mat spirituelle Momenter an Veilléeën huet eis Trupp ganz positiv Erfahrung gemaach a mir hu gemierkt dass eis Avex sech dorobber aloossen an aus sech erausginn, si fänken op emol u mat schwätzen och wa se am normalen éischer zréckhalend sinn, a ginn pertinent Kommentarer of. Et mierkt een einfach e groussen Ennerscheid zu traditionellen reliéise Momenter, déi den Interesse éischer net förderen, am Géigendeel. Perséinlech erliewen ech esou besënnelech Momenter all Kéiers nei, ët gëtt keng Routine, an dëst läit dorunner well ëmmer aaner, nei Themen am Mëttelpunkt stinn an een et automatesch aneschtters gestalt. Mir als Mensch, awer och als Avex Chef hun esou Momenter schon vill bruecht. Et kënn een fir ee Moment vun der Hektik aus dem Alldag erof, ët verbënnt eis all, mir deelen dee gemeinsamen





nodenkleche Moment an tauschen eis aus. Et bréngt engem Rou, awer och Zefriddenheet.

Eis Avex Trupp an ech selwer wäerten an Zukunft och weiderhi mat sou spirituelle Momenter/Aktivitéiten schaffen, waat jo kengesfalls ausschléisst och mol un enger Mass deelzehuelen, wéi zum Beispill fir eise Schutzpatréiner den Hellégen Franz vun Assisi ze feieren. En absoluten an definitive Broch mat der Kierch ass net Zil heivunner. Esou besënnlech Momenter an der Trupp kënnen emoleg Momenter schafen déi een en Liewe laang nët vergësst.

Alain Nicks

Fir mech ass eng Spiri-Veillée op engem Camp en absolut Highlight. Et herrscht sou eng speziell Stëmmung bei den Avex an de Chefs. Et ass e Moment vu Rou an iwwert sech selwer nodenken, wat een ënner sou vill verschidde Forme ka maachen. Et ass eng Paus op engem Avexcamp, wou soss ëmmer Action ass an den Dag voll mat Programm. Et ass e Moment, wou ee sech ka Gedanke maachen, wat engem seng Plaz am Liewen ass, wat de Sënn vum Liewen ass a wat engem wichteg ass am Liewen. Et muss dofir net ëmmer ganz roueg sinn an e Vertrauensspill, mat bëssi méi Action passt duerchaus doranner, mee meeschtens sinn d'Avex vu sech aus relativ roueg an net opgedréint. Dat wat natierlech och vill zu där Stëmmung bäidréit ass d'Plaz, wou een d'Veillée mécht. Vue que datt d'Avex no der Spiri-Veillée normalerweis d'Vesprieche maachen, ass et wichteg eng flott Plaz dofir rauszesichen.

Ech erënnere mech extrem gär zréck un déi Spiri-Veillée, déi mir gemaach hunn, wou ech mäin Chefengagement gemaach hunn an d'Veillée fir d'Avex virbereed hat. Do si si e Wee getréppelt mat verschidde Posten, fir dono am Bësch op engem Fielsvirsprung erauszekommen, wou e Feier vu Chefs gemaach gouf, a wou ee wäit iwwert eist Ländche gesinn huet, während ee beim Fändel stoung, fir d'Vesprieche respektiv d'Engagement ofzeleeën.

Lis Stirn





## Elementer, déi een an eng Spiri-Veillée kann integréieren

### Verschiede Programmpunkten:

- Text iwwer verschidden Themen z.B. Frëndschaft
- Lidder
- Meditatioun
- Diskussioun
  - o Wat gleeft een, firwat
  - o Iwwer de Camp: Wat gëtt et Positives? (nei Frëndschaften, Vertrauen, ...) Wat gëtt et Negatives? (Sträit, Mëssverständnesser,...)
- Vertrauensspiller
  - o Zu 2 an 2: een huet d'Aen verbonn an gëtt duerch d'Stëmm vun deem aner op eng bestëmmte Plaz guidéiert, dono gëtt gewiesselt
  - o Hänn opleeën (weider Detailer ënner dem Beispill Summercamp 2009)
- Zesammenhalt fördernd Spiller/ Aktivitéiten
  - o Eng Ficelle spanen, wou se mussen als Patrull driwwer kommen, andeems si sech géigesäiteg hëllefen
  - o Geheime Frënd iwwer 24h an Opléisung an der Spiri-Veillée
  - o Merci-Ziedelen
- Wee mat Posten ënnerwee + Aufgaben ënnerwee
  - o Wee mam Thema: "Déi 4 Elementer"
    - Posten zu deenen einzelnen Elementer
    - Aufgab fir ënnerwee zum Element
  - o Aufgaben ënnerwee:
    - Buerféiss goen
    - Käerzen an/ oder Fakelen nogoen
    - Enger Ficelle mat verbonnenen Aen nogoen
    - Eppes mathuelen, wat engem wichteg erschéngt oder eppes mat deem ee sech selwer identifizéiert



- Selbstreflexioun
  - o Blat mat enger Silhouette vun engem Mënsch → seng Eegeschaften dra schreiwen (souwuel déi positiv, wéi déi negativ); dat Blat dierf jiddereen halen a muss och kengem dat weisen alternativ kann een och doriwwer diskutéieren, wat d'Leit opgeschriwwen hunn
  - o Panneauen zu verschidden Themae maachen, wou jiddereen dat dropschreiw, wat him dozou afällt (sougutt Avex, wéi och Chefs)
    - Wéi eng positiv Erfahrung hues du bis lo op dësem Camp gemaach?  
Wéi eng negativ Erfahrung hues du bis lo op dësem Camp gemaach?  
Wat wolls du den Avex schonn ëmmer eng Kéier soen?  
→ Mir haten d'Äntwerten den Dag drop op 3 verschidde Panneae gehaang, wou jiddereen d'Äntwerte vun deenen anere konnt liesen
  - o Annonce schreiwe fir e Kolleg ze sichen, mat den Eegeschaften, déi dee soll hunn
  - o Positioun zu verschidden Aussoe bezéien
  - o Déi gutt a schlecht Erfahrungen, déi ee schonn a sengem Liewe gemaach huet, jeeweils op en Ziedel dropschreiwen, an dee mat deene schlechten Erfahrungen am Feier verbrennen a sou seng Suerge symbolesch lassloossen
  - o Motivatioun firwat een an de Scouten ass an ob a firwat et engem gefällt/ net gefällt
  - o
- An alles wat engem soss nach afällt

### Wichtig Punkten:

- Plaz
- Feier: Lagerfeier, Käerzen, Fakele jee nodeems wat méiglech ass
- Musek
- Eenzel Programmpunkten
- Stëmmung vun de Chefs
  
- Material: Fändel, Käerzen, Fakelen, roueg Musek, Ghettoaster, Bicer, Blieder, Gasluucht, Täscheluucht, Texter, Fotoapparat, Versprieche- an Engagementsofzeechen





## 2 Beispiller vun enger spiritueller Veillée

### 1. Beispill Summercamp 2009 (virbereed vun: Philippe Jeitz, Vicky Hoffmann, Lis Stirn)

#### Beschreibung:

##### Spiri-Veillée:

- Avex, déi sech fräiwëlleg mellen, liesen en Liddertext iwwer Frëndschaft vir (cf. E puer Lidder, Texter, asw.)  
An de Patrulle Gedanken dozou maachen an doriwwer diskutéieren:  
Wéi wichteg si Frënn fir mech? Wat fir eng Roll spille si a mengem Liewen? ...  
Diskussioun am groussen Krees. (1h)
- Vertrauen ass en Deel vu Frëndschaft, dowéinst gëtt patrulleweis en Vertrauenspill gemaach:  
Et leet een aus der Patrull sech op eng Carrymate a mécht d'Aen zou.  
Dono leeën déi aner 1 oder 2 Hänn op deenjäinegen an deen soll probéieren rauszefannen, wou iwwerall eng Hand läit an se ze zielen.  
No enger festgelueter Zäit 3-5 Minutten gëtt gewiesselt, bis jiddereen dru wor. (30min)
- Jeweils een Ziedel mam Numm vun all Avex gëtt op eng Bänk gepecht an da kann jiddereen, dat wat him zum Thema Frëndschaft an där Persoun afällt, op d'Ziedelen vun deenen aneren Avex schreiwen. (30min)

##### Verspriechen:

Op d'Plaz vum Verspriechen goen mat Posten ënnerwee, wou all Kéier e Stéck vun enger Geschicht gezielt gëtt. (30min)

Ënnerwee ginn et verschidden Aufgaben:

- *Teamgescht fueren:* d'Avex mussen sech an eng Rei stellen a kréien ëmmer 2 Been zesumgestrëckt a mussen da bis op deen nächste Posten
- *Vertrauen:* d'Avex sollen sech zu 2 an 2 zesumme dinn; een muss sech d'Aen verbannen deen aner dirigéiert en bis an d'Halschent vum Wee, dono gëtt gewiesselt
- *Rou fannen:* ënnerwee mussen se sech eenzel eng Plaz sichen wou se ganz roueg sinn an dorop lauschten wat se héieren (jiddereen fir sech) ongeféier 3 min
- *Selbstwahrnehmung förderen:* D'Avex dinn d'Schong an d'Strëmp aus an ginn enger Ficelle mat verbonnenen Aen no.

Deko fir beim Verspriechen: Kärzen, Fakelen, e Feier, wann et méiglech ass  
D'Vespriechen/ d'Engagement gëtt ofgeluecht. (+/-30min)





### **Material:**

- Liddertext iwwer Frëndschaft + Musék dozou
- Souvill Carrymaten, wéi Patrullen
- Ziedelen, mat den Nimm vun den Avex
- Bicer
- Text iwwert Vertrauen (am beschten op lëtzebuergesch oder iwwersetzen)
- Ficelle
- Kärzen
- Fakelen
- Holz fir e Feier + alles wat een soss nach brauch fir e Feier ze maachen
- souvill Verspriechens-/ Engagementsofzeechen, wéi Avex/ Chefs, déi d'Vespriechen/ d'Engagement wëlle maachen
- Gruppefändel



## 2. Beispill Summercamp 2015 (virbereed vun: Laura Berg, Alisha Jegen, Lis Stirn)

### Beschreibung:

#### Spiri-Veillée:

- mam Vëlo op d'Plage fueren (de Camp war an Holland)
- Erklärung, wéi d'Spiri-Veillée ofleeft → si ginn zu 2 an 2 e Wee iwwer d'Plage mat Posten ënnerwee, bis op d'Verspriechensplaz, direkt beim Mier
- Als éischt gëtt eng Zilscheiw an e Bic un all Avex ausgedeelt (op der Zilscheiw sollen d'Avex ausfüllen, wat hinnen am Wichtigsten am Liewen ass; mat deem Wichtigsten am Zentrum ufänken an dann op all Zeil just een, vun deenen virginnene Begrëffer schreiwen)
- Déi éischt 2 ginn fort an fëllen hir Zilscheiw réischt zum Schluss aus, déi aner fänken un d'Zilscheiw auszufëllen
- All 10min geet eng 2er-Grupp fort.
- Posten ënnerwee:
  - **Ziedel schreiwen:** Wou gesäis du dech an 5 Joer? An eng Këscht, déi beim Jh verbuddelt gëtt, leeën.
  - **Objet siche goen:** En Objet siche goen, an deem si sech gesinn an dann driwwer schwätzen, firwat si deen Objet rausgewielt hunn.
  - **ënnerwee buerfouss goen**
  - **Vertrauenspill:** Si féieren sech op 3 verschidden Aart a Weisen:
    - mat de Fangerspëtzen
    - just mam Zeigefanger
    - mat luese Geräischer
  - **an de Sand molen:** een Avex huet e Bengel an deen aneren féiert deem seng Hand, fir eppes, wat him zum Thema Glawen/ Relioun afällt an de Sand ze molen oder ze schreiwen. Dono gëtt gewiesselt an deen 2. Avex deen d'Hand féiert soll dat vun vidrun wa méiglech ergänzen. Bei deem Posten gëtt net geschwat.
  - **ënnerwee** op Geräischer ënnerwee lauschteren an um nächste Posten soen, wat si héieren hunn
  - **Relioun-Memory:** Memory mat 5 verschidden Kaartekoppelen zu verschiddenen Reliounen. Wann si 2x dat nämlecht Zeechen ëmdréinen, solle si soen, ëm wéieng Relioun et geet an wat si iwwert déi wëssen. Si sollen dann awer och erkläre kréien ëm wat et an där Relioun geet, wann si et net genee wëssen.
  - **Ukommen** (déi éischt sollen d'Zilscheiw ausfüllen, déi, déi dono ukommen sollen d'Zilscheiw fäerdeg ausfüllen)





### Verspriechen:

D'Veerspriechen/ d'Engagement beim Mier op der Plage maachen, andeems beim Gruppefändel ugeschlo gëtt (D'Patrullechef halen jeweils een Eck un.) Mat Fakelen dékoréieren.

Dono bëssen Zäit ginn, fir déi ganz Atmosphär wierken ze loossen an dann mam Vëlo zréck op d'Campplaz fueren.


### Material:

- Zilscheiw mat Begrëffer
- Bicer
- Pergament
- Holzkästchen
- CD fir um Schluss ofzespillen
- Memory Reliounen + Informatiounen zu deenen verschiddeenen Reliounen
- Ghettblaster inklusiv Batterien
- Fakelen
- Fixfeier
- Fändel
- Verspriechen-Ofzeechen



# Wat ech wéi wichteg fannen a mengem Liewen


Frënn	Famill	Scouten	Glawen	Relioun
Vertrauen	Natur	schick Kleeder	Schoul	gutt Ausgesinn
Fernseh	lessen	Computer		





	Judentum
	Hinduismus
	Islam
	Buddhismus
	Konfuzianismus







## E puer Texter a Lidder

### La vie est comme un voyage dans un train

La vie est comme un voyage dans un train : on monte et on descend, il y a des accidents, à certains arrêts il y a des surprises et à d'autres il y a une profonde tristesse.

Quand on naît et qu'on monte dans le train, nous rencontrons des personnes et nous croyons qu'elles resteront avec nous pendant tout le voyage: ce sont nos parents ! Malheureusement la vérité est tout autre.

Eux ils descendent dans une gare et ils nous laissent sans leur amour et leur affection, sans leur amitié et leur compagnie. En tous cas, il y a d'autres personnes qui montent dans le train et qui seront pour nous très importantes.

Ce sont nos frères et nos sœurs, nos amis et toutes les personnes merveilleuses que nous aimons. Certaines considèrent le voyage comme une petite promenade. D'autres ne trouvent que de la tristesse pendant leur voyage. Il y a d'autres personnes toujours présentes et toujours prêtes à aider ceux qui en ont besoin. Certains, quand ils descendent, laissent une nostalgie pour toujours....

Naturellement, personne ne peut nous empêcher de les chercher partout dans le train. D'autres montent et descendent tout de suite et nous avons tout juste le temps de les croiser... Nous sommes surpris que certains passagers que nous aimons, s'assoient dans un autre wagon et que pendant ce temps nous laissent voyager seul. Parfois malheureusement nous ne pouvons pas nous asseoir à côté d'eux car la place est déjà prise.

Ce n'est pas grave... le voyage est comme ça : plein de défis, de rêves, d'espoirs, d'adieux... mais sans retour. Essayons de faire le voyage de la meilleure façon possible. Essayons de comprendre nos voisins de voyage et cherchons le meilleur en chacun d'entre eux. Rappelons-nous qu'à chaque moment du voyage un de nos compagnons peut vaciller et peut avoir besoin de notre compréhension. Nous aussi pouvons vaciller et il y aura toujours quelqu'un pour nous comprendre. Le grand mystère du voyage est que nous ne savons pas quand on descendra du train pour toujours. Nous ne savons pas non plus quand nos compagnons de voyage feront la même chose. Même pas celui qui est assis juste à côté de nous. Moi je pense que je serai triste de quitter le train.... j'en suis sûr !

La séparation d'avec tous les amis que j'ai rencontrés dans le train sera douloureuse. Laisser mes proches seuls sera très triste. Mais je suis sûr qu'un jour ou l'autre j'arriverai à la gare centrale et je les reverrai tous arriver avec un bagage qu'ils n'avaient pas quand ils sont montés dans le train. Par





contre, je serai heureuse d'avoir contribué à augmenter et enrichir leur bagage. Nous tous mes amis, faisons tout le possible pour faire un bon voyage et essayons de laisser un bon souvenir de nous au moment où nous descendrons du train.

A ceux qui font partie de mon train, je souhaite un bon voyage.

### **Eist Liewen ass wéi eng Rees mam Zuch**

Wa mer gebuer ginn, an an den Zuch vum Liewen eraklammen, treffe mer Mënschen, vun deene mer mengen, sie géifen eis déi ganz Rees laang begleeden. Eis Elteren.

D'Wourecht ass eng aner: Si klammen iergendwann eng Kéier eraus a loossen eis eleng, ouni hir Léift an Zouneigung, hir Frëndschaft a Gesellschaft.

Allerdéngs klammen aner Persounen an den Zuch eran, déi fir eis mat der Zäit ganz wichteg gin. Eis Gesëchter, eis Frënn, an déi Mënschen, déi mer léif gewannen an déi eis prägen.

Munch Mënschen, déi era klammen, betruachten dës Rees als ee klengen Ausfluch. Anerer fannen nëmmen Trauregkeet, Leed a Misère op hirer Rees duerch d'Liewen. An ët gëtt nees anerer am Zuch, déi ëmmer do sinn, an déi bereed sinn, deenen ze hëllef, déi Hëllef brauchen.

Munchereen hannerléisst bei eis, beim Erausklammen, en déift Verlaangere. Munch Mënschen geheien eis an e groust Lach. Rëm anerer klammen eran a nees eraus, a mir hu se kaum an Uecht geholl.

Et erstaunt eis, datt munch Passagéier, déi mer am gäersten hunn, sech an en aneren Wagon sëtzen an eis d'Rees an dësem Abschnitt eleng maache loossen. A wa mer eis dann bis an hire Wagon duerchgekämpft hunn, kënne mer eis awer net bei si sëtzen, well d'Plaz un hirer Säit schonns besat ass.

Esou ass d'Liewen, voll un Erausfuederungen, Dreem, Fantasien, Hoffnungen an Abschieder.

Losse mer d'Rees duerch d'Liewen maachen, esou gudd mer kënnen.

Losse mer mat jidderengem am Zuch probéieren gudd auszekommen, an a jidderengem dat Bescht ze gesin.

Erënnere mer eis drun, datt a jiddfer Abschnitt vun der Streck, een aneren Mënsch vläicht eist Versteesdemech brauch, an datt och mir vläicht mol eng Kéier kënne falen a frou sinn, wann een do ass, deen eis versteet.



Dat grousst Mysterium vun eiser Rees ass, datt mer net wëssen, wéini mer endgültig eraus klammen wäerten, an genau esou wéineg, wéini déi aner erausklammen, - net emol déi déi direkt niewend eis sëtzen.

Mee ech hun d'Hoffnung, datt irgend eng Kéier d'Gare Central kënnt, wou ech all déi Mënschen erëm gesin, deenen ech op menger Liewensrees begéint sinn. Wat mech da frou mécht, ass de Gedanken, datt ech villen gehollef hunn, hirt Gepäck mat sënnvollen Inhalter ze fëllen.

Passe mer op, datt et eng gudd Rees gëtt.



## Geschicht

Eines Tages bat eine Lehrerin ihre Schüler, die Namen aller anderen Schüler der Klasse auf ein Blatt Papier zu schreiben und ein wenig Platz neben den Namen zu lassen. Dann sagte sie zu den Schülern, sie sollten überlegen, was das Netteste ist, das sie über jeden ihrer Klassenkameraden sagen können und das sollten sie neben die Namen schreiben. Es dauerte die ganze Stunde, bis jeder fertig war und bevor sie den Klassenraum verliessen, gaben sie Ihre Blätter der Lehrerin. Am Wochenende schrieb die Lehrerin jeden Schülernamen auf ein Blatt Papier und daneben die Liste der netten Bemerkungen, die ihre Mitschüler über den Einzelnen aufgeschrieben hatten. Am Montag gab sie jedem Schüler seine oder ihre Liste. Schon nach kurzer Zeit lächelten alle. "Wirklich?", hörte man flüstern. "Ich wusste gar nicht, dass ich irgendjemandem was bedeute!" und "Ich wusste nicht, dass mich andere so mögen", waren die Kommentare. Niemand erwähnte danach die Listen wieder. Die Lehrerin wusste nicht, ob die Schüler sie untereinander oder mit ihren Eltern diskutiert hatten, aber das machte nichts aus. Die Übung hatte ihren Zweck erfüllt. Die Schüler waren glücklich mit sich und mit den anderen. Einige Jahre später war einer der Schüler gestorben und die Lehrerin ging zum Begräbnis dieses Schülers. Die Kirche war überfüllt mit vielen Freunden. Einer nach dem anderen, der den jungen Mann geliebt oder gekannt hatte, ging am Sarg vorbei und erwies ihm die letzte Ehre. Die Lehrerin ging als letzte und betete vor dem Sarg. Als sie dort stand, sagte einer der Anwesenden, die den Sarg trugen, zu ihr: "Waren Sie Marks Mathelehrerin?" Sie nickte: "Ja". Dann sagte er: "Mark hat sehr oft von Ihnen gesprochen." Nach dem Begräbnis waren die meisten von Marks früheren Schulfreunden versammelt. Marks Eltern waren auch da und sie warteten offenbar sehnsüchtig darauf, mit der Lehrerin zu sprechen. "Wir wollen Ihnen etwas zeigen", sagte der Vater und zog eine Geldbörse aus seiner Tasche. "Das wurde gefunden, als Mark verunglückt ist. Wir dachten, Sie würden es erkennen." Aus der Geldbörse zog er ein stark abgenutztes Blatt, das offensichtlich zusammengeklebt, viele Male gefaltet und auseinandergefaltet worden war. Die Lehrerin wusste ohne hinzusehen, dass dies eines der Blätter war, auf denen die netten Dinge standen, die seine Klassenkameraden über Mark geschrieben hatten. "Wir möchten Ihnen so sehr dafür danken, dass Sie das gemacht haben", sagte Marks Mutter. "Wie Sie sehen können, hat Mark das sehr geschätzt." Alle früheren Schüler versammelten sich um die Lehrerin. Charlie lächelte ein bisschen und sagte: "Ich habe meine Liste auch noch. Sie ist in der obersten Schublade in meinem Schreibtisch". Die Frau von Heinz sagte: "Heinz bat mich, die Liste in unser Hochzeitsalbum zu kleben." "Ich habe meine auch noch", sagte Monika. "Sie ist in meinem Tagebuch." Dann griff Irene, eine andere Mitschülerin, in ihren Taschenkalender und zeigte ihre abgegriffene





und ausgefrante Liste den anderen. "Ich trage sie immer bei mir", sagte Irene und meinte Dann: "Ich glaube, wir haben alle die Listen aufbewahrt." Die Lehrerin war so gerührt, dass sie sich setzen musste und weinte. Sie weinte um Mark und für alle seine Freunde, die ihn nie mehr sehen würden.

→ Dono eegenen Ziedel schreiwien



## Les couleurs de l'amitié !

Un jour, toutes les couleurs du monde se mirent à se disputer entre elles, chacune prétendant être la meilleure, la plus importante, la plus belle, la plus utile, la favorite.

Le vert affirma :

